

# GEOCACHING

## SAFARI DUERCH DE WËLLE WESTEN!

Wou verstoppen sech eis 10 Kéng? Maacht mat bei eiser Safari duerch de Wëlle Westen!

Op enger geheimer Plaz an all Gemeng vum Kanton Réiden si flott Stickeren vu kénge wëllen Déiere verstoppt. Se sinn an engem schwaarzen Tüb dran. Fir se ze fannen, brauchs Du dofir di richteg Kaart, schaarf Aen an am beschte e bëssi Energie an de Been! An op kee Fall däerfst du Angscht hunn fir den 10 Kéngen iwwert de Wee ze lafen!

**Di richteg Kaart fënns de op www.klima.lu**. Hues du di 10 Kéng fonnt, da pech se an d'Bild hei uewendriwwer. Sinn all d'Stickeren opgepecht? Endstatioun ass den TouristInfo Atert-Wark zu Useldeng (1, Millenhaff – ënnert der Buerg). Do kriss du däi Safari-Diplom iwwerreecht.

### Gewënnspill
### Mir sichen déi schéinste Foto aus dem Wëlle Westen!

**Bis de 15. September**

Dir waart op enger Safari am Wëlle Westen ënnerwee an hutt eng Plaz entdeckt, déi Iech direkt un d'Häerz gewues ass? Da schéckt eis d'Foto op **info@visitatertwark.lu**. Mat e bësse Chance sidd dir de gléckleche Gewënner vun engem flotter Corbeille mat lokale Produkter!

**Mir wënschen dir vill Freed an eng grouss Portioun Gléck bei denger spannender Sich!**

TOURISTINFO ATERT-WARK


**Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton"**

**Mobilitéitsatelier** 43, Grand-Rue L-8510 Redange/Attert T 26 62 08 01 22 klima@klima.lu www.klima.lu

# WOU VERSTOPPEN SECH EIS 10 KÉNG?



## Biekerich

*Am beschten:*
Ze Fouss, MTB

*Start & Zil:*
Parking Sportshal Biekerich
3, Jos Seylerstrooss
L-8522 Biekerich

*Distanz:*
6,7 km, erop: 164 m

*Highlights:*
Buerunge vun der Waasserfabrik, Kapell Kuelebierg, Grenzmarken, Bëschhäischen, Geméisgaart Vun der Atert, Fräizäit-Komplex hannert der Sportshal mat enger Skaterpist & Babyfoot



## Ell

*Am beschten:*
Ze Fouss, MTB

*Start & Zil:*
Parking
43, Haaptstrooss
L-8560 Rued

*Distanz:*
7,3 km, erop: 163 m

*Highlights:*
Ofgeschniddenen déiwen Dall vun der Koulbich-Baach, aarteräich Vegetatioun an dësem Natura2000 Gebitt, ideal Plaz fir eng Erfrëschung am Waasser



## Groussbus

*Am beschten:*
Ze Fouss, MTB

*Start & Zil:*
Gréiwelserstrooss (CR306) tëschent Gréiwels a Groussbus, Feldwee 1,2 km hannert dem leschten Haus vu Groussbus

*Distanz:*
6 km, erop: 150 m

*Highlights:*
Grandios Vue bis a Frankräich, Fossilien um Wee, Quellegebitt vun der Waark



## Préizerdaul

*Am beschten:*
Ze Fouss

*Start & Zil:*
Rochuskapell, Rëmmereg, 54, rue St. Roch L-8614 Rëmmereg

*Distanz:*
5,4 km (Zeechen „Autopédestre"), erop: 126 m

*Highlights:*
Vill Brécken, abenteuerlech Schankegriecht (Schlucht), schéin Aussiichten, a mat bëssi Chance gesäis de nach de „Schankemännchen"



## Useldeng

*Am beschten:*
Mam Vëlo

*Start & Zil:*
Beim Waassertuerm (Grottestrooss) zu Rippweiler

*Distanz:*
9,3 km, erop: 100 m

*Highlights:*
Al Zuchstreck vun der Atertlinn, Musée vun der Näerdener Gare, 360° Panorama um Stéckelbierg (tëscht Näerden a Schweech), Grott zu Rippweiler



## Réiden

*Am beschten:*
Vëlo, MTB

*Start & Zil:*
Parking zu Lannen
6, rue de Nagem

*Distanz:*
5,5 km, erop: 150 m

*Highlights:*
D'Alpen vun der Réidener Gemeng an Hueschtertergare, mega Aussiichten, dat gemitterlecht Dierfchen Lannen



## Säll

*Am beschten:*
Ze Fouss

*Start & Zil:*
Häwee Éiner

*Distanz:*
3,2 km, erop: 55 m

*Highlights:*
De wonnerschéinen Dall vun der Waasserbaach, Quellen, prächteg Aussiichten, himmlesch Rou



## Rammerich

*Am beschten:*
ze Fouss

*Start & Zil:*
Parking bei der Kierch zu Éischt

*Distanz:*
4,2 km, erop: 127 m

*Highlights:*
Geheimnisvoll Ruin vun der Fléibuerg Schuerelserschlass, mini-Duerf Éischt



## Viichten

*Am beschten:*
Ze Fouss, MTB

*Start & Zil:*
Parking 67, rue Principale L-9190 Viichten

*Distanz:*
4,4 km, erop: 101 m

*Highlights:*
Viichten ass bekannt fir d'Réimerkultur (cf. Artikel Mosaïk)



## Wal

*Am beschten:*
Ze Fouss

*Start & Zil:*
Kierch Kéiber,
16, rue Théodore Welbes L-8822 Kéiber

*Distanz:*
5,5 km, erop: 176 m

*Highlights:*
Schéinen Dall vun der Dierbech, Statioune vum Waassersënneswee